N°3160
Entrée le 05.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.11.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 5. November 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un den Här Inneminister weiderzeleeden:

*„D'Chambre de conseil léisst reegelméisseg Untersuchungsprisonéier vum Uerschterhaff an d'Stad an d' « Cité judiciaire » respektiv op Dikrech op d'Bezierksgeriicht féieren, fir se do ze verhéieren. Dëst geschitt iwwer d' « Unité de garde et d'appui opérationnel » (UGAO) vun der Police.*

*Wann d'UGAO net genuch Léit huet, mussen aner Police-Unitéite respektiv Police-Kommissariater aus dem ganze Land mat asprangen, wat dozou féiert, datt dës Polizisten op hire Kommissariater hirer regulärer Aarbecht net kënnen nogoen.*

*Dës Transferten sinn net nëmme personalintensiv, mä och net onbedéngt ëmweltbewosst an doriwwer eraus a bestëmmte Situatioune sécherheetstechnesch bedenklech.*

*Bei Autopsië gi schonn digital Léisungen agesat. D'Untersuchungsriichter kënne sech iwwer Videokonferenz bäischalten, wärend d'Police nach ëmmer op Diddeleng an de « Laboratoire National de Santé » (LNS) fuere muss, fir op der Plaz d'Identitéit vun der Läich aus der jeeweileger Affär ze confirméieren.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministesch an dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

- *Wéi dacks goufen an deene leschte fënnef Joer Prisonéier respektiv Untersuchungsprisonéier tëscht deenen zwee Prisongen an de respektive Geriichter hin- an hier transportéiert? Gëtt et do konkret Zuelematerial aus de leschte fënnef Joer ?*
- *Wéi dacks hu misse Polizisten aus de Kommissariater ofgezu ginn, fir dës Aarbecht ze verriichten? Wéi vill Leit waren all Kéier betraff ?*

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

– *Ënner wat fir Konditioune kéint een, virun allem bei den Untersuchungsprisonéier, op de Wee vu Videokonferenze goen – änlech wéi bei den Autopsien, wou Riichter sech per Videokonferenz bäischalte kënnen ?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Simone BEISSEL
Deputéiert